PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
31 JUIL. 2019
995

Lëtzebuerg, den 31/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am Joresrapport vum Bildungsministère gëtt besonnesch am Deel iwwert den CGIE vum Projet « eduPrint » geschwat. Am Kader vun dësem Projet soll zukünfteg, esou d'Beschreiwung, eng zentraliséiert Gestioun vun den Imprimante vun der Verwaltung garantéiert ginn an e méi ressourcëschounenden Ëmgang mat Drockmaterialie gefërdert ginn. Konkret heescht et am Text: « *Le CGIE généralise dans les administrations le système eduPrint qui permet d'établir une politique d'impression dans le respect du développement durable : il encourage l'impression recto-verso et noir et blanc et* ***amène les utilisateurs à ne pas imprimer les documents inutiles tels que les e-mails à l'aide de messages d'alerte.***»

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Imprimante sinn un de System eduPrint ugeschloss?

2. Wéi vill Utilisateuren hunn, opgeschlësselt no hirem Rôle als Member vun der Verwaltung, als Schoulmeeschter, als Lycéesproff, etc. Accès zum System eduPrint?

3. Wéi vill Säite goufen zanter der Aféierung vum eduPrint pro Joer mat Imprimanten aus dësem System gedréckt? Wéi vill Prozent dovunner:
   - Schwaarz/wäiss a wéi vill faarweg?
   - Rekto-Verso a wéi vill Rekto?
   - A4 a wéi vill aner Gréissten?

4. Wéi gouf et technesch realiséiert, datt eng Warnung kënnt, wann en Utilisateur eng E-Mail wëll printen? Gëtt dofir de Contenu vun de gedréckten Dokumenter analyséiert?
   Falls jo; op wat fir enger legaler Basis?
   Falls nee; wéi eng aner Technike gi benotzt, fir d'Ausso vum Joresrapport ze realiséieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 30 septembre 2019

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 995 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad 1)**

De System „eduPrint" ass nach an enger Testphase. De Moment sinn 13 Kopies-Maschinnen un den eduPrint System connectéiert.

**Ad 2)**

De Projet eduPrint limitéiert sech op déi eenzel Verwaltungen vum Educatiounsministère. Haut hunn ongeféier 300 Leit Accès op dëse System.

**Ad 3)**

De Stand vum 01.01.2018 bis den 02.08.2019 vun deenen 13 Maschinnen wat Prints ubelaangt, ass Folgenden:

Geprinte Säiten: 511.213

Rekto-Verso: 70,5% / Rekto: 29,5%

A4: 86,5% / Aner Gréissten: 13,5%

**Ad 4)**

D'Implementatioun vun engem "Alerting-System" gëtt nach analyséiert. Zu kengem Moment wäert de Contenu vun den Dokumenter analyséiert ginn.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu